



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7774 vum 15. März 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel.

- Kann een zu Lëtzebuerg och eng Hausse vun den Prescriptiounen vun psychotropeschen, antipsychoteschen an hypnoteschen Medikamenter an och vun Psychostimulanten bei Kanner a Jugendlechen feststellen? Wa jo, em wéi vill Prozent sinn dës an d'Luucht gaangen?

Den Tableau 1 weist d'Unzuel un Ordonnancë fir verschidden Aarte vu psychotropesche Medikamenter, déi vun der Krankeversécherung fir Kanner a Jugendlecher am Alter vu 6 bis 17 Joer iwwerholl goufen, mat deenen d'Assuréen vun der Lëtzebuenger Krankeversécherung an eng Apdikt zu Lëtzebuerg gaange si fir déi respektiv Medikamenter ze kafen, beispillsweis en Erwuessenen (haaptsächlech Elteren) fir e Kand. D'Donnéen erlaben et net unzeginn, iwwer wéi een Zäitraum déi respektiv Medikamenter verschriwwen goufen. Dowéinst léisst eng Baisse vun der Unzuel un Ordonnancen, wéi se fir 2013 bis 2022 festgestallt gëtt, net direkt op eng Baisse an der Consommation vun de respektive Medikamenter schléissen.

Tableau 1: Evolutioun vun der Unzuel un Ordonnancë fir verschidden Aarte vu psychotropesche Medikamenter déi vun der Lëtzebuenger Krankeversécherung iwwerholl gi si fir d'Assuréen am Alter vu 6 bis 17 Joer tëschent 2013 an 2022^{a)b)}

	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	Variation 2013/2022
Antipsychotika	810	818	816	955	992	966	894	885	837	757	-6,5%
Anxiolytika	579	629	635	566	522	590	595	517	536	474	-18,1%
Hypnotika an Sedativa	427	492	464	514	457	548	722	959	1 011	1 046	145,0%
Antidepressiva	623	738	880	795	700	782	889	923	1 132	1 006	61,5%
Psychostimulanzien, Médikamenter géint ADHS an Nootropika	4 775	4 549	4 412	4 205	4 030	3 908	3 840	3 334	3 584	3 454	-27,7%
Total ^{c)}	6 957	6 839	6 880	6 688	6 398	6 449	6 552	6 240	6 681	6 367	-8,5%

Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.

a) Wann een Assuré e puer mol mat der selwechter Ordonnance (Kopie) an eng Apdikt gaangen ass, dann zielt dës als eng eenzel Ordonnance.

b) Medikamenter, déi zwar op enger Ordonnance stinn, mee net vun der Krankeversécherung iwwerholl gi sinn, sinn net an dësen Zuelen dran.

c) Wann op enger Ordonnance Medikamenter aus verschiddene Kategorië vu Psychotrope verschriwwen goufen, gëtt des Ordonnance an all Kategorie matgezelt, mee awer just eemol am Total. Dowéinst ass den Total méi niddreg wéi d'Zomme vun den eenzele Kategorien.

- Kann een des weideren feststellen datt Dosen vun dësen Medikamenter oft ze héich sinn vir d'Kanner?

D'Ermiesen vun der Dose läit an der Responsabilitéit vum Medeziner, deen d'Medikament verschreift.

Et muss ënnerscheet ginn tëschent Medeziner déi eng allgemeng Ausbildung hunn an solcher déi am pédiatreschen, pédopsychiatreschen, souwéi neuropédiatreschen Beräich spezialiséiert sinn.

Sou bestinn fir dat nämlecht Medikament bei ënnerschiddlech psycheschen/psychiatreschen Krankheitsbiller ënnerschiddlech Dosagen, deemno wéi en Zil mam Medikament wëll erreicht ginn. Dofir musse mer virsiichteg sinn wann mer vun ze héichen Dosagen schwätzen, wëll dës bei verschiddenen Krankheitsbiller noutwenneg sinn.

D'Division de la pharmacie et des médicaments vun der Gesondheidsdirektion ass dofir zoustänneg, d'Dossieren vun de Medikamenter ze analyséieren, an de Gesondheitsministère stellt d'AMM



(*autorisation de mise sur le marché*) aus. Dëst geschitt op Basis vun engem RCP-Dossier (*Résumés des caractéristiques du produit*), an deem Dosagen a Posologien virgeschriwwen sinn fir déi verschidde Patientengruppen. E Medikament dierft deemno och just an de Limiten vun deem RCP verschriwwen a benotzt ginn.

Et leien keng Zuelen vir, ob a wéivill Medikamenter an ze héichen Dosen bei Kanner verschriwwen géifen ginn.

- Kann d'Regierung Zuelen nennen, wéi vill Kanner a Jugendlech esou Medikamenter verschriwwen kréien/kruten ?

Den Tableau 2 weist d'Unzuel un Assuréeën am Alter vu 6 bis 17 Joer, fir déi op mannst eng Aart vu psychotropesche Medikamenter vun der Krankeversécherung rembourséiert gouf. Et goufe just Assuréeën vun der Lëtzebuurger Krankeversécherung gezielt, déi an eng Apdikt zu Lëtzebuerg gaange si fir déi respektiv Medikamenter ze kafen.

Am Joer 2022 hunn 3,6% vun all den Assuréeën am Alter vun 6 bis 17 Joer psychotropesch Medikamenter an enger Apdikt zu Lëtzebuerg kaf. Am Verglach heizou waren et am Joer 2013 nach 3,9%.

Tableau 2: Evolutioun vun der Unzuel un Assuréeën am Alter vu 6 bis 17 Joer fir verschidden Aarte vu psychotropesche Medikamenter déi vun der Lëtzebuurger Krankeversécherung iwweholl gi sinn tëschent 2013 an 2022

	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	Variatioun 2013/2022
Antipsychotika	297	305	310	327	338	301	297	286	286	278	-6,4%
Anxiolytika	387	451	461	408	356	412	400	324	361	313	-19,1%
Hypnotika an Sedativa	390	425	420	469	414	485	655	738	797	764	95,9%
Antidepressiva	286	343	376	344	306	364	386	377	468	429	50,0%
Psychostimulanzien, Médikamenter géint ADHS an Nootropika	1 724	1 689	1 625	1 601	1 515	1 502	1 505	1 360	1 406	1 414	-18,0%
Total^{a)}	2 777	2 850	2 807	2 780	2 582	2 689	2 815	2 689	2 878	2 798	0,8%
Total par rapport zur Gesamtzuel un Assuréeën am Alter vun 6 bis 17 Joer	3,9%	4,0%	3,9%	3,8%	3,5%	3,7%	3,8%	3,5%	3,7%	3,6%	

Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.

a) Wann een Assuré Medikamenter aus verschiddene Kategorië vu Psychotrope kaf huet, gëtt dësen Assuré an all Kategorie matgezielt, mee awer just eemol am Total. Dowéinst ass den Total méi niddreg wéi d'Zomme vun den eenzele Kategorien.

- Wéi ginn Cas'en vun Kanner a Jugendlecher, déi Zeechen vun enger psychescher Krankheet opweisen, geréiert ? Wat sinn d'Waardezäiten vir eng Behandlung an der Moyenne ?

Et läit an der Autorité parentale ze décidéieren wéi se mat den Zeechen vun enger psychescher Krankheet, déi se selwer erhiewen, oder op Déi se vun Externen, heefeg vum Schoulssektor, opmierksam gemat ginn, ëmgoen wëllen. Sou wenden se sech entweder un psychologesch Servicer vun der Educatioun, oder vum Aide à l'Enfance, oder consultéieren éischter am Santé-Beräich hiren Kanner-oder Hausdokter, oder wenden sech un Medeziner déi am Beräich vun der psychescher/psychiatriescher Krankheet kompetent sinn, am liberalen Sektor oder am Spidol mat enger multidisziplinärer, fachspezialisierter Équipp. Niewent enger direkter Prise en charge am Urgence



Service fir dringend Fäll gëtt et am liberalen Sektor eng Waardezäit déi vun puer Wochen bis zu e puer Méint goen kann je no Dringlechkeet vum Fall.

- Kann een hei zu Lëtzebuerg och feststellen datt Medikamenter u Kanner a Jugendlecher verschriwwé ginn, déi net vir dës bestëmmt sinn? Wa jo, wat sinn hei d'Zuelen ? Wat well d'Regierung ënnerhuelen vir eis Kanner a Jugendlecher viru Medikamenter, déi net vir si bestëmmt sinn, ze schützen?

Engersäits läit Verschreiwung vun Medikamenter am Ermiessen an der Verantwortung vum Medeziner, wou all Abus prinzipiell beim Collège médical kéint gemellt ginn.

Weiderhin gesäit d'Gesetz vum 24 Juli 2014 fir dat d'Rechter an d'Obligatiounen vum Patient (bei Mannerjäregen d'Persounen déi der Autorité parentale investéiert sinn) légiféréiert, vir dat eng gréisser Kohärenz an eng gréisser Transparenz tëschent dem Patient (d'Persounen déi mat der Autorité parentale an dëser Situatioun investéiert sinn) an de Prestatair'en aus dem Gesondheitsberäich besteet.

Et leien keng Zuelen vir, ob a wéivill Medikamenter an net adequaten Dosen bei Kanner a Jugendlechen verschriwwé géifen ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert